



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Uechter d'Land sinn d'Zerwässer vu Staat a Gemengen an och d'Leit mat enger akuter Erausforderung duerch Schnéi a Glatäis konfrontéiert. Vill Proprietäre vu Privathaiser a Geschäfte stellen sech wéi sou dacks an där Situatioun d'Fro wéi eng Responsabilitéite fir d'Garantie vun der Sécherheet um Trottoir laanscht hir Gebaier dëst fir si mat sech bréngt.

Fir hei Informatiounen ze ginn, hat RTL ënnert dem Titel "*Wien ass responsabel fir den Trottoir, wann ech net doheem sinn?*" de 16. Januar en Artikel mat engem Iwwerbléck iwwert déi wichtegst Modalitéite publizéiert. Um Enn vun deem genannten Artikel gëtt allerdéngs och de Maître Krieger mat follgender Ausso zitéiert: "*No der Publikatioun vun eisem Artikel huet de Maître Krieger preziséiert, datt en Trottoir zu der Voie publique gehéiert an d'Sécurité publique op dësen deemno gesetzlech ënnert d'Responsabilitéit vun der Gemeng fällt. Zwar géinge vill Gemengen an hire Reglementer festhalen, datt d'Bierger fir d'Sécherheet op den Trottoire responsabel sinn, ma d'Gesetz stéing allerdéngs ëmmer nach iwwer de Gemengereglementer*".

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Banneminister gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Deelt den Här Minister déi juristesche Interpretatioun vum Maître Krieger? Falls net, firwat net? Wéi eng gesetzlech Texter reegelen déi Matière?
- 2) Gesäit den Här Minister vir, d'Gemengereglementer déi d'Responsabilitéit vun der Sécherheet op den Trottoiren un d'Bierger delegéieren, op hir Legalitéit ze préiwen an se opzefuerderen, dës ze revidéieren, fir eng kloer Rechtssécherheet fir all d'Bierger hei am Land ze schafen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten